# d'Peffermillen



An der *forum*-Nummer 219 hat de Koschter nogewisen, wi wéineg di Dammen an Hären Deputéiert aus der Chamber-Spezialkommissioun iwwert d'Immigratioun vun deene Froen eppes verstinn, iwwert déi se e ‚Rapport intermédiaire' publizéiert hunn (Doc. Parl. n° 4999). Trotzdeem huet praktesch kee vun hinnen et fir néideg fonnt, den 18. a 19. Oktober 2002 un deem héich interessante Colloque zum Thema *"Migrations: les enjeux. Défis pour l'écconomie et la cohésion sociale"* deelzehuelen, deen d'ASTI zesumme mat der Fondatioun Alphonse Weicker an dem Fonds national de la Recherche organiséiert hat. Just d'Renée Wagener (Di Gréng) an de Ben Fayot (LSAP) hunn di eng méi deen anere manner laang assistéiert: Grad si haten awer dee Chamberrapport wéinst séngen Onzoulänglechkeeten an zum Deel geféierlechen Aussoe nët gestëmmt! Mä ween an der Majoritéit sëtzt brauch sech net weider ze bilden. Abildung geet deene Leit duer.

**m.p.**

Stellt Iech vir, de Koschter géif sech op iergend e Geheimagent beruffen a behaapten, d'*tageblatt*-Redaktioun wär en Terroristenascht, oder op d'mannst géifen do extremistesch Elementer aus an agoen. D'Welt wir wuel nët grouss genug, fir de Protest opzehuelen, deen dann an der Escher Kanalstrooss matt Recht géif ausbriechen. Genee dat huet eng Wochenzeitung, di all Donneschdeg op derselwechter Adress fabrizéiert gëtt, awer fäerdeg bruecht, matt engem klengen Ënnerscheed: si huet net d'*tageblatt*-Redaktioun mä de Mamer ‚Centre culturel islamique' als Terroristenzentrum bezeechent (matt Foto an Tëschentitel iwwert d'*Mosquée de Mamer*). Deen Ënnerscheed ass allerdéngs vu Wichtegkeet, well di islamesch Relioun huet säit etleche Joren, a besonnesch säit dem 11. September 2001, kee gudde Ruff an onse Géigenden an um Stammdësch sinn se gär bereet, esou Ënnerstellungen ze gleewen, och wa kee Beweis virläit. De Koschter krut dann och schon erzielt, dass säit deem Artikel vum 10. Oktober 2002 bei muenchem Islam-Unhänger zu Lëtzebuerg den Telefon rabbelt an en sech anonym Drohunge muss unhéieren. Trotzdeem huet d'ALJ d'Redaktioun fir hir pseudo-Recherchen iwwert Terrorismus zu Lëtzebuerg féliciteiert. A wu di islamesch Communautéit sech an engem Presse-Communiqué géint esou Presse-Methode gewiert huet, huet d d'*tageblatt*-Redaktioun (15.10.2002) och nach gemengt, dat wär en onverschimmten Agrëff an d'Pressefräiheet. A wat géif di selwecht Redaktioun da soe, wann dem Koschter séng Ënnerstellung aus dem éischte Saz publizéiert gi wär? Géif se da nët ebémol mengen, och d'Pressefräiheet hätt Grenzen, nämlech am d'Recht op Dignitéit a Reliounsfräiheet an am Recht op Onschold bis zum Beweis vun der Responsabilitéit? Am *forum*-Dossier Nr. 148/1993 hat den heitegen Direkter vum *Quotidien* matt Recht op de wichtegen Ënnerscheed tëscht Islam an Islamismus higewisen. Am eegenen Haus schéngt e wéineg Gehéier fonnt ze hunn. Ass ët net grad der Press hir Aufgab, latent Viruurteeler als falsch a geféierlech nozeweisen amplaz hinnen och nach nei pseudo-Argumenter ze liwweren? Oder ass et erlaabt Onwourechten (douzou gehéieren och onbewise Behaaptungen) ze verbreeden, well den Haass géint den Islam grad wi den Antiklerikalismus géint d'kathoulesch Kierch jo en Zil ass, dat matt alle Mëttelen däerf erreecht ginn? Am *Journal* vum 17. Oktober 2002 huet de Jürgen Stoldt geschriwwen, déi onverantwortlech Bauzegkeete vun der Donneschdes-Zeitung wire wuel op di verschärfte Konkurrenz um Zeitungsmaart zréckzeféieren. Da kann et jo nach monter ginn, wann domatt all deontologesch Prinzipien ausser Kraaft gesat ginn.

**m.p.**

25 Joer laang war de Koschter Staatsbeamten. Op d'mannst 20 Mol huet hien un enger Chrëschtfeier vu sengem Betrib deelgeholl. En huet sech all Kéiers gudd ameséiert an et huet himm ni leed gedoen, fir séng Partizipatioun ëmmer aus sénger Täsch ze bezuelen. Keng Kéier huet ee vu séngen Direktere gesot: de Staat bezillt, well e gudd Betriibsklima ass dem Patron dat wäert. Ëmsu méi iwwerrascht war de Koschter ze héieren, dass den Direkter vum Fonds de Logement et ganz normal fënnt, dass hien an engem Joer bal honnertdausend Frang fir eng Chrëschtfeier op Staatskäschte bezuelt huet. Ob dem Koschter säi neie Patron, deem säi Betriib och en Établissement public ass, dee no privatwirtschaftleche Kritären geféiert soll, dat och esou gesäit? Bis elo ass et mol nach net fir e Neijoeschpatt duergaang ...

**m.p.**